Lëtzebuerg, den 21 février 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden:

„Ëmmer méi Leit aus der Nordspëtzt bekloe sech driwwer, datt et immens schwéier ass fir an den Owesstonnen, nuets an de Weekend en Dokter ze fannen, deen Hausbesich mécht. Dacks kënnen d'Leit sech net selwer beweegen, well se Féiwer hunn, ënner enger Verletzung oder engem Malaise leiden. De Moment fiert bal kee Generalist méi owes oder nuets am ieweschten Éislek eraus fir dréngend Visitten ze maachen.

D'Distanze spille besonnesch bei schlechtem Wieder eng Roll, a wann ee seriö krank ass, dann ass den Transport op Ettelbréck an d'Klinick oder an d'Maison médicale net evident.

Aus deene Grënn wollte mir follgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch stellen:

- A wat fir engem Mooss an zu wat fir engen Auerzäite kann d'Klinick zu Woltz Patienten en charge huelen?
- Ass et méiglech fir am Kanton Clierf eng (Annexe vun der) Maison médicale (vun Ettelbréck) opzemaachen fir der betraffener, staark wuessender Bevëlkerung wäit Deplacementer z'erspueren? Wéi stuuft d'Madamm Ministesch d'Opportunitéit vu sou enger Maison médicale an der Nordspëtzt an?
- Ass d'Madamm Ministesch bereet fir sech mat de betraffene Gemengen auszutauschen fir kuerzfristeg eng pragmatesch Léisung ze fannen bis eng Maison médicale geschaf ka ginn ?"

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Gilles BAUM
Deputéierten